N°2009
Entrée le 07.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vum Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n° 2009 vum 5. Mäerz 2025 vun der Madamm Deputéiert Liz Braz.**

- **Wat ass d'Resultat vun der Machbarkeetsstudie fir den nationalen Sportsmusée op der rouder Lëns?**

D'Machbarkeetsstudie fir de nationale Sportsmusée ass an der Phase vun der Finalisatioun, sou dass d'Resultater zäitno kënne kommunizéiert ginn.

- **Stemmt et dass dëse Site och net kann zeréckbehalen ginn fir den Sportsmusée?**

Et stëmmt net, dass de Site net ka fir den zukünftegen nationale Sportsmusée zréckbehale ginn.

- **Gëtt elo, ewéi den Minister et schonn an der Chamber ugekënnegt huet, no aneren Sitten an der Gemeng Esch oder an aneren Gemengen gesicht?**

Aktuell gëtt net no engem anere Sitt gesicht.

- **Gedenkt den Här Minister vläicht een Appell un d'Gemengen ze riichten?**

Dëst ass aus deenen uewe genannte Grënn am Moment net néideg.

- **D'Studie sollt 120 000 Euro HTVA kaschten – kann de Minister dëse Montant bestätegen?**

Esou wéi ech et schonn an der Chamberséance vum 21. November 2024 matgedeelt hunn, sinn 120 000 Euro HTVA fir d'Machbarkeetsstudie virgesinn.

- **Wien ass fir dës Fraisen opkomm an, wann de Staat iwwert wat fir Budgetsartikel sinn dës bezuelt ginn?**

D'Fraisen si nach net liquidéiert.

- **Wéi vill Käschten si bis elo insgesamt fir Bureau d'études, Beroder an Experten an de Projet vun engem nationalen Sportsmusée gefloss?**
- **Wien ass bis elo fir dës Käschten opkomm?**

Beim Sportsministère si bis elo 8 924,18 Euro TTC u Käschte gefloss.

**Lëtzebuerg, den 7. Abrëll 2025**
Le Ministre des Sports
(s.) Georges Mischo